

Ettelbréck, de 4. Oktober 2022

Communiqué

Léif Patienten,

Léif Mataarbechter am CHdN,

Léif Kolleegen,

De Groupe Cardiologique Ettelbruck huet d'Decisioun geholl, ab dem 1. Januar 2023 mat hiren Aktivitéiten am Centre Hospitalier du Nord opzehalen.

Dëse gutt iwwerluechte Schratt ass noutwendeg ginn, nodeems zwee Kardiologe-Kolleegen hirersäits decidéiert hunn, zu Ettelbréck fortzegaen.

An dëser reduzierter Konstellatioun gesi mir eis net méi an der Lag, de kardiologesche Service am CHdN a gläichzäiteg eis kardiologesch Praxis mat der noutwendeger medezinescher Qualitéit oprecht ze erhalen. Mir wëllen eis an Zukunft dorop konzentréieren, eise Patienten déi beschtméiglech ambulante Versuergung unzebidden.

Eisen Départ am CHdN ass deemno an éischer Linn op dës Iwwerleeungen zréckzeféieren. Als extern Kardiologe wäerte mir och weiderhin am Sënn vun de Patiente mam CHdN als Partner zesummeschaffen.

Mir soen der Direktioun an de Mataarbechter vum CHdN ausdrécklech Merci fir déi laangjäreg Zesummenaarbecht.

Groupe Cardiologique Ettelbruck

Dr Matthias Bangert

Dr Claude Blasen

Dr Henrik Endt-Knauer

Dr Christiane Hansen

Dr Jürgen Seidel

Dr Laurent Visser